**Vu d' Evolutioun vum Virus COVID-19 zu Lëtzebuerg, huet d' Gemeng Hesper décidéiert eng Rei Mesuren a Recommandatiounen z 'applizéieren fir d' ëffentlech Gesondheet ze schützen.**
**Vum 17. März 12h00 un mecht d' Gemeng seng Dieren fir den Public zou.**

Sämtlech Dokumenter (acte de naissance/décès/mariage, certificats de résidence, Vignette etc.) kënnen online op: https://www.hesperange.lu/fr/publications/formulaires-publications erofgeluede ginn an un déi concernéiert Servicer per Courrier, per fax oder per mail geschéckt ginn.

Fir **folgend Servicer** biede mer Iech e **rendez-vous** an onsem **Populatiounsbüro** unzefroen (Tél.: 36 08 08 2001, mail: population@hesperange.lu):

- déclaration de décès
- déclaration de naissance
- déclaration de résidence
- retrait + demande de carte d'identité ou de passeport (nëmmen an dréngenden Fäll wéi z.B. perte/vol/oder wann Äer Dokumenter ofgelaf sinn).

Fir **d' Gestioun an d' Facturation** vun de **Gemengetaxen** (Waasser, Poubellen, Kanalisatioun, etc...) a fir **d' Bestellungen / d' Changementer vun Poubellen** kënnt der onse **Service Financier** um 36 08 08 2004 / 2023 erreechen oder per mail op service.financier@hesperange.lu.

Am Fall vun **techneschen Problemer** op onsem **ëffentleche Réseau** wennt Iech weg un onsen **Service des Régies** um 36 08 08 999.

Wat d' **chèques-service** betrefft, biede mer Iech den Formular deen der geschéckt krut entweder:

- per fax op den 36 00 06
- par e-mail (chequeservice@hesperange.lu)
- oder per Courrier op folgend Adress :

Administration Communale de Hesperange
Chèque-service-accueil
B.P. 10
L-5801 HESPERANGE.

ze schécken.

Fir all Froen kënnt der ons per Telefon um 36 08 08-1 oder per mail op info@hesperange.lu kontaktéieren.

All

- kulturell
- sozial
- festlech
- sportlech
- rekreativ Aktivitéite ginn ofgesot.

Dat heescht:

- Sportinfrastrukturen
- Kulturzentren
- d'Spillplazen bis op Weideres zou.

Merci fir Äert Versteesdemech. Bleift gesond!

De Schäfferot